Kannermissiounswierk
33, boulevard Joseph II - L 1840 LUXEMBOURG
Tél: 00352 - 45 32 61 - Fax: 00352 - 45 43 80
E-Mail : missio@cathol.lu
missio.lu

Propositioun fir eng Kanner- a Familljemass **zum Kannermissiounssonndeg 2017**

Wann dir intresséiert sidd um Lidderblat, un der Virlag fir d'Waasserdrëpsen an un der Power-Point-Präsentatioun mat de Biller, oder soss eppës wëllt nofroen zum Oflaf vun dëser Mass, dierft dir iech gären am Parverband Mamerdall melden (nicole.knoch@education.lu).

Material:

Beamer mat Adapter / Leinwand / Laptop mat Power-Point-Präsentatioun (Biller a Lidder)/ Verlängerung / Kierf fir d'Spuerbéchsen / Waasserdrëpsen aus Karton fir d'Kanner / Grouss Waasserdrëpse mat Biller drop / Bläistëfter / Botzeemer /

Programm

1. Ufankslidd: Heilende Hände
2. Kräizzeechen a lit. Begréissung
3. Aleedung (1 Erwuessenen)
4. Boussakt (1 Erwuessenen & 3 Kanner)
5. Gloria: Laudato sii
6. Dagesgebiet
7. Waasserverbrauch bei äis an a Kenia (1 Erwuessenen & 5 Kanner)
8. Tëschegesank: Wir singen alle Hallelu
9. Evangelium: Mt 25, 31-40
10. Kommentar (2 Kanner)
11. Fürbitten (Paschtouer & 4 Kanner)
12. Gowebereedung: Ein Brunnen in der Wüste
13. Eucharistie-Feier
Sanctus: Saint, Saint, Saint
Friddensgrouss: Gott dein Friede
Kommioun: INSTRUMENTER
14. Schlussgebiet
15. Schlusslidd: Wasser ist Quelle
16. Seegen

D'Kanner kréie beim Erakommen e Bläistëft an eng Waasserdrëps aus Karton, wou drop steet «Ich brauche Wasser um...». Si solle sech setze goen an dat ausfëllen, an dann d'Waasserdrëps virum Altor néierleeën. De Bläistëft leeë si do an e Kuerf.

1. Ufankslidd:

Heilende Hände

2. Kräizzeechen a lit. Begréissung

3. Aleedung (1 Erwuessenen)

Wa mir de Kannermissiounssonndeg feieren, heescht dat, datt mir äis verbonne wëssen mat de Kanner op der ganzer Welt. Awer all Joer steet ee Land ganz besonnesch am Mëttelpunkt. Fir d'Kanner aus deem Land hutt dir Sue gesammelt. Dest Joer ass dat Land KENIA.

Bild 1: Landkaart

Kenia läit an Afrika, also zimlech wäit eweg vu Lëtzebuerg. Et ass e grousst Land; ongefëier 225 mol esou grouss wéi eist Land. D'Haaptstad heescht Nairobi. Kenia ass a 47 Géigenden opgedeelt, an eng dovunner heescht Turkana a läit ganz uewen am Land; mir gesinn deen Deel hei orange op der Kaart. Fir d'Kanner aus dësem Deel vum Land hu mir dëst Joer gesammelt.

Bild 2: Schoulkanner

D'Kanner a Kenia ginn 8 Joer an d'Grondschoul. Esou wéi bei äis kascht dat näischt. Mee all Kand muss eng Schouluniform kaafen a seng Hefter a Bicher selwer bezuelen. Dat ass fir vill Leit ze deier. Ausserdem gëtt et net genuch Schoulmeeschteren a Jofferen, esou datt vill Kanner net an d'Schoul ginn, a vill Mënschen am Land net liesen a schreiwe kënnen.

Bild 3: Natur

D'Natur a Kenia ass wonnerschéin. Vill wëll Déieren liewen hei, déi mir just aus dem Zoo kennen: Elefanten, Giraffen, Léiwen, Zebras an nach vill anerer. Just fir dës Déieren an der Natur ze gesinn, komme ganz vill Touristen an d'Land.

4. Boussakt (1 Erwuessenen & 3 Kanner)

1 Erwuessenen:

D'Mënschen a Kenia wësse wéi wichteg d'Natur fir si ass. Si brauchen d'Natur fir kënnen ze iwwerliewen. Och fir äis ass d'Natur wichteg. An trotzdeem passe mir net ëmmer gutt op si op. Fir déi Kéieren, wou mir keng Rücksicht op d'Natur geholl hunn, wëlle mir elo den Härgott ëm Verzeiung froen.

1. Kand:

Ouni driwwer nozedenken, geheie mir Dreck op de Buedem. Och wann et just e Kamellepabeier ass oder soss eng Klengegkeet, ass dat net gutt fir d'Natur. Dofir froe mir: Härgott, verzei äis!

2. Kand:

Heiandsdo kéinte mir zu Fouss an d'Schoul oder op de Busarrêt goen, mee well mir bequem sinn, loosse mir äis mam Auto dohinner bréngen. Esou gëtt d'Loft onnëtz verknascht. Dofir froe mir: Härgott, verzei äis!

3. Kand:

Mir iwwerleeën guer net wéi wäertvoll Waasser ass, wa mir de Krunn opdréinen fir ze drénken, oder äis ze wäschen. Oft loosse mir d'Waasser ouni Grond laafen a verschwenden et esou ganz vill. Dofir froe mir: Härgott, verzei äis!

Paschtouer:

Den Härgott soll sech eiser erbaarmen, hie soll äis eis Sënde verzeien an äis féieren an d'éiwegt Liewen. Amen.

missio Luxembourg

Kannermissiounswierk
33, boulevard Joseph II - L 1840 LUXEMBOURG
Tél: 00352 - 45 32 61 - Fax: 00352 - 45 43 80
E-Mail : missio@cathol.lu

missio.lu

5. Gloria:

Laudato sii

6. Dagesgebiet

Gudde Gott,

Mir soen dir Merci, datt mir hei zesumme sinn.

A Gedanken si mir och verbonne mat de Kanner aus Kenia.

Zesumme biede mir, datt d'Mënschen all gutt mat der Schöpfung ëmginn.

Hëllef äis, deng wonnerbar Welt ze respektéieren an ze erhaalen,

fir datt d'Mënschen all gutt liewe kënnen.

Dorëms biede mir dech,

duerch de Jesus, eise Brudder an eisen Här.

Amen.

7. Waasserverbrauch bei äis an a Kenia (1 Erwuessenen & 5 Kanner)

Wann een d'Méiglechkeet huet, kann een dës Kanner «afrikanesch» undinn.

1 Erwuessenen:

Dir hutt iech virun der Mass iwerluecht, woufir dir alles Waasser braucht.

Dat alles steet op de Waasserdrëpsen, déi elo hei virum Altor leien.

Do steet zum Beispill drop:

- fir ze drénken
- fir mech ze wäschen
- fir ze spullen
- fir den Auto ze wäschen
- fir d'Haus ze botzen
- fir d'Spullmaschinn
- fir d'Toilette
- fir d'Wäschmaschinn

(Den Erwuessenen weist e Botzeemer)

An esou en Eemer passen ongefeier 10 Liter Waasser dran. Jidferee vun äis verbraucht ongefeier 140 Liter Waasser am Dag, dat si 14 esou Eemere voll, an dat ass schonns zimlech vill!

A Kenia ass dat anescht. D'Turkana, also déi Géigend fir déi mir gesammelt hunn, ass eng ganz drëche Géigend. Hei reent et just ganz selten. D'Aweet, e Meedchen, dat an dëser Géigend wunnt, erzielt äis elo mol wéi et bei him mam Waasser ass.

1. Bild: D'Aweet beim Pëtz
4. Kand:

All Drëps Waasser, déi meng Famill brauch, muss ech siche goen. Bei äis gëtt et kee Krunn am Haus. D'Plaz, wou mir Waasser kënne siche goen, ass eng hallef Stonn vun doheem fort. 2 mol all Dag muss ech de Wee dohinner an zréck goen. De schwéiere Bidon mam Waasser, schleefen ech dann heem, fir datt meng Famill an ech genuch Waasser hunn.

2. Bild: D'Aweet sträicht d'Geess
5. Kand:

Dat Waasser, wat ech siche ginn, kënne mir drénken. Mee ganz gären drénke mir awer och Geessemëllech. Mir hunn eng Geess, déi äis Mëllech gëtt. Mee dofir muss si awer selwer genuch z'iessen an ze drénke kréien.

3. Bild: D'Aweet botzt seng Zänn
6. Kand:

Well d'Waasser esou kostbar ass, benotzen ech keent fir meng Zänn ze botzen. Ech huelen dofir en dënnt Stéck Holz, mat deem ech tëschent den Zänn botze kann.

4. Bild: D'Aweet wäscht seng Hänn
7. Kand:

Wat wier et esou einfach, wann ech e Krunn opdréine kéint a mech wäschen. Mee dat geet bei äis net. Wann ech meng Hänn wäsche wëll, da schëtt meng Mamm mat enger Schossel e bësse Waasser iwwer meng Hänn.

5. Bild: D'Aweet a seng Schwëster
8. Kand:

Mir gi mam Waasser ganz spuersam ëm. Mir wëssen, wéi kostbar et ass. Waasser ze hunn, ass fir äis eppës ganz Besonnesches. Et ass esou drëche bei äis, datt kaum eppës wuesse kann. Déi wichtegst Fro, déi mir äis all Dag stellen, ass: Wéini reent et endlech erëm?

8. Tëschegesank:

Wir singen alle Hallelu

9. Evangelium: Mt 22, 34-40

Als die Pharisäer hörten, dass Jesus die Sadduzäer zum Schweigen gebracht hatte, kamen sie bei ihm zusammen. Einer von ihnen, ein Gesetzeslehrer, wollte ihn auf die Probe stellen und fragte ihn: Meister, welches Gebot im Gesetz ist das wichtigste? Er antwortete ihm: Du sollst den Herrn, deinen Gott, lieben mit ganzem Herzen, mit ganzer Seele und mit all deinen Gedanken. Das ist das wichtigste und erste Gebot. Ebenso wichtig ist das zweite: Du sollst deinen Nächsten lieben wie dich selbst. An diesen beiden Geboten hängt das ganze Gesetz samt den Propheten.

Kannermissiounswierk
33, boulevard Joseph II - L 1840 LUXEMBOURG
Tél: 00352 - 45 32 61 - Fax: 00352 - 45 43 80
E-Mail : missio@cathol.lu
missio.lu

10. Kommentar (2 Kanner)

E Kand vun hei an e Kand aus Kenia ënnerhaale sech. Wann et méiglech ass, kann een d'Kand 10 «afrikanesch» undoen.

9. Kand:

An dem Text aus der Bibel, dee mir grad héieren hunn, seet de Jesus, mir sollen den Härgott an déi aner Mënsche gären hunn. Dat ass näischt Neies fir mech, dat maachen ech souwéisou!

10. Kand:

Mee ech hu virdrun héieren, wéi vill Waasser dir all Dag hei braucht. Dat ass schonns ganz vill, wenn een drun denkt, datt mir a Kenia bal kee Waasser hunn. Wann een den Härgott gären huet, muss een och op seng Natur oppassen, an d'Waasser net verschwenden.

9. Kand:

Do hues du nawell recht! Dann hëllef mir mol iwwerleeën, wat ech anescht mache kann!

Déi 2 Kanner weisne elo all Kéier eng hallef Waasserdrëps aus Karton, wou e Bild drop ass. Si liese fir d'éischt den Text an haalen dann hiert Stéck an d'Luucht. Déi 2 Stécker vun all Waasserdrëps ginn dann opgehangen, éier dat nächst Beispill kënnt.

10. Kand: (Bild Pëtz)

Mir ginn all Dag e puer mol bei de Pëtz oder op eng Waasserplaz, fir Waasser ze kréien. Dat ass ganz schwéier, well een d'Waasser dann zu Fouss heemdroe muss. Du brauchs just de Krunn opzedréinen a kriss esou vill Waasser, wéi's du wëlls.

9. Kand: (Bild Krunn)

Ech wëll an Zukunft drun denken, d'Waasser net onnëtz laafen ze loossen. Ech kann de Krunn zoudréinen, wann ech meng Hänn aseefen. Esou verschwenden ech manner Waasser.

10. Kand: (Bild Biedchen)

Wanns du dech wäsche wëlls, da geess du an d'Dusch, a léiss dir dat gutt frëscht Waasser iwwer de Kierper laafen. Mir hunn eng Biedchen doheem, wou Waasser dra kënnt. Doranner ginn ech, meng Bridder a Schwësteren a meng Elteren sech da wäschen.

9. Kand: (Bild Dusch)

Ech misst guer net esou laang ënnert der Dusch stoen. Wann ech méi séier maachen an dotëschent de Krunn zoudréinen, géif ech vill manner Waasser brauchen.

10. Kand: (Bild verdrëchente Buedem)

Well et bei äis oft wochelaang net reent, ass de Buedem total verdrëchent. Da wiisst guer näischt méi. Mol keen Uebst a Geméis méi, wat mir brauche fir z'iessen. Dir awer kënnt esouguer d'Wiss beim Haus am Summer netzen, fir datt se net verdrëchent.

9. Kand: (Bild schéine Gaart)

Do kéinte mir tatsächlech vill Waasser spueren. Et ass jo net esou wichteg, datt eis Wiss ëmmer schéi gréng ass.

10. Kand: (Bild Biesem)

Wa mir botzen, huele mir e Biesem a kieren den Dreck zesummen. D'Waasser ass vill ze wäertvoll, fir et op de Buedem ze schëdden. Dir awer botzt net nëmmen am Haus mat Waasser, mee esouguer virum Haus.

9. Kand: (Bild Hochdruckreiniger)

Mäi Papp huet esou eng Maschinn fir ze botzen, wann et virum Haus knaschteg ass. Déi brauch am Fong immens vill Waasser. Vläicht kann ech hien froen, datt hien dat net esou oft mëcht an esou e bësse méi spuersam mam Waasser ëmgeet.

11. Fürbitten (Paschtouer & 4 Kanner)

Paschtouer:

Härgott,

deng Léift zu äis kennt keng Grenzen. Am Vertrauen op dech komme mir elo mat eisen Uleies bei dech a bieden:

11. Kand:

Mir biede fir d'Kanner a Kenia an op der ganzer Welt:

Hëllef, datt si all Dag hunn, wat si fir ze liewe brauchen.

Härgott, héier äis.

12. Kand:

Mir biede fir déi Mënschen op der Welt, déi am Krich liewen:

Hëllef hinnen de Fridden ze fannen.

Härgott, héier äis.

13. Kand:

Mir biede fir äis, déi mir elo hei zesumme sinn:

Hëllef äis respektvoll mat der Natur a mam Waasser ëmzegoen.

Härgott, héier äis.

14. Kand:

Mir bréngen elo de Kuerf mat de Suen, déi mir mat de Kanner a Kenia deelen.

Mir biede fir äis selwer:

Hëllef äis, datt mir och weiderhinn gären mat deene Mënschen deelen, déi an Nout sinn.

Härgott, héier äis.

Paschtouer:

Du Gott vun der Léift,

du kenns eis Suergen an eis Uleies. Lauschter op dës Gebieder an op alles dat, wat mir an eisem Häerz droen. Dat biede mir dech, duerch de Jesus, eise Brudder an eise Frënd. Amen.

Kannermissiounswierk
33, boulevard Joseph II - L 1840 LUXEMBOURG
Tél: 00352 - 45 32 61 - Fax: 00352 - 45 43 80
E-Mail : missio@cathol.lu
missio.lu

12. Gowebereedung:

Ein Brunnen in der Wüste

13. Eucharistie-Feier

Sanctus:
Saint, Saint, Saint
Friddensgrouss:
Gott dein Friede
Kommioun:
INSTRUMENTER

14. Schlussgebiet

Papp am Himmel,

du hues äis eng schéi Welt geschenkt

a wëlls, datt mir si beschützen an erhaalen.

Hëllef äis op d'Natur opzepassen,

a besonnesch mam Waasser spuersam a respektvoll ëmzegoen.

Begleet du äis mat denger Léift an dengem Seegen.

Dat froe mir dech, fir haut a fir all Dag vun eisem Liewen,

bis an Éiwegkeet. Amen.

15. Schlusslidd:
Wasser ist Quelle

16. Seegen

Mass ass ausgeschafft gin vun der Kannerpastoral-Equipe aus dem Parverband Mamerdall. Hinnen ee grousse MERCI.